



Fernand ETGEN  
President vun der  
Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/11/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Konsumenteschutz & Gesondheet weiderzeleeden.**

D'europäesch Unioun huet mam Standard EN 149 Krittäre fir Otemschutzmasken um EU-Maart festgeluecht.

Leider kouw et an der Vergaangenheet ëmmer nees dozou, dass Maskenhiersteller vun der aktueller Noutsituatioun profitéiert a Produiten an Europa an zu Lëtzebuerg verkaaft hunn, déi den europäeschen Normen net entsprach hunn. Eng ganz Rei Masken, déi der Verpackung no als FFP2-, N95- oder KN95-Mask mam entspreichende Filterpotential gekennzeechent waren, sinn an uschléissenden Tester duerchgefall, well se d'Standarde vun den europäeschen Normen net erfëlle konnten.

Zousätzlech erschwéiert d'Differenzéierung tëscht Masken, déi dem FFP2-Standard entspreichen, mee net fir en Asaz am medezinesch Beräich gëeegent sinn, an FFP2-Masken, déi souwuel an der Industrie ewéi och am professionnelle medezinesche Beräich zum Asaz komme kennen, de Konsumenten de Choix vum richtege Produit.

Och de Lëtzebuenger Staat hat an de vergaangene Méint Bestellungen vu Masken ze verzechnen, déi net den europäesche Standarden entsprach hunn.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:


1. Wéi vill Masken (chirurgesch Masken an FFP2/KN95/N95 oder aanerer, opgeschlësselt no der Aart vu Mask), déi de lëtzebuenger Staat kaf huet, waren net konform mat den europäesche Standarden?
2. Wéi vill Masken (chirurgesch Masken an FFP2/KN95/N95 oder aanerer, opgeschlësselt no der Aart vu Mask), déi de lëtzebuenger Staat kaf huet, goufen u Professioneller a Privatleit verdeelt an hunn am Nachhinein mussen zeréck geruff ginn, well sech erausgestallt huet, dass d'Masken net konform waren?  
Falls dës Masken u bestëmmte Beruffsgruppe verdeelt goufen: Wéi eng Beruffsgruppe



ware betraff?

3. Wéi iwwerprüft d'Regierung, ob d'Masken (chirurgesch Masken an FFP2/KN95/N95 oder aanerer), déi si Kaf huet, den europäesche Standarde fir en Asaz am medezinesche Beräich entspriechen?
4. Ass et richtig, dass zu Lëtzebuerg just nach FFP2-Masken a keng KN95- oder N95-Maske méi verkaf däerfe gi fir den Asaz am medezinesche Beräich?
5. Stinn de Professionellen aus dem Beräich vun der Santé aktuell genuch FFP2-Masken zur Verfügung, déi den europäeschen Norme fir en Asaz am medezinesche Beräich entspriechen?  
Falls net: Denkt d'Regierung driwwer no Masken, déi zwar net als FFP2-Maske gekennzeechent sinn, mee konform zu den EN-Norme sinn, fir en Asaz am medezinesche Beräich zouzeloossen (Beispillsweis KN95-Maske mat enger EN14683 Kennzeechnung)?
6. Wéi probéiert de Ministère fir Konsumenteschutz, Persounen, déi sech wëlle Maske kafen, fir sech virum COVID-19 ze schützen, viru Verkeefer mat mangelhafte Produiten ze protegéieren?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven  
Député

